Naturschoul Lasauvage - Juni 2017

1. Nuetswanderung fir Séjoursklassen zu Lasauvage

All de Klassen dei e Séjour am Hébergement zu Lasauvage maachen wollte mer eng "Nuetswanderung" an de Bësch ubidden.

D'Wanderung kéinnt owes géint 21:00 starten a géing ongeféier 2 Stonnen daueren. (nëmme bei guddem Wieder natierlech an ab Mëtt Mee)

Mir ginn mat Täscheluten op eise "Sentier de la Crosnière" a probéieren Nuetsandréck dobaussen ze sammelen.

Mir huelen och eis "Bat-Detektoren" mat a sichen no Fliedermais.

Klassen dei un esou enger Aktivitéit interesséiert sinn an dei ee Séjour bei eis verbréngen kënnen eis dat gäre matdeelen wa se hiere Séjour plangen.

2. Oplag vun eiser Zeitung "Natur an Technik"

Demnächst wëlle mer dann endlech déi éischt Versioun vun eiser Zeitung "Natur an Technik" erausbréngen fir dei mir io ärt Material gesammelt hunn fir dat ze publizéieren. Et ginn Klassenaarbechten aus der Technik- an aus der Naturschoul hei ofgedréckt.

Fir eng nächst Versioun wiere mir frou wa mir erem kéinnten Bild- an Textmaterial vun iech kréien iwwert är Visite bei eis oder an der Technikschoul.

Dir kënnt eis dat iwwert den Office 365 op "Naturschoul Lasauvage" schécken oder iwwert all anere Wee (E-mail, Bréifdauf, Memory Stick...)

3. Aktivitéiten vun der Naturschoul am leschten Schoulmount

Mir sinn als Schoul och nach e puer Mol äußerhalb vun de Schoulzäiten aktiv.

25.06.2017 Green Run zu Lasauvage
(Atelier: Visite vun der Naturschoul a vum Beiestand)

http://www.zelos.be/green-run-luxembourg/

02.07.2017 Energy Kids Day am Fond-de-Gras
(Atelier zesummen mat der Technikschoul)

http://minettpark.lu/fra/evenements/4_energy-kids-day

4. D'Rollénger Millen

D'Péitenger Gemeng huet zu Lamadelaine "D'Rollénger Millen" erem a Stand gesat an der Naturschoul proposéiert déi pädagogesch mat Liewen ze fëllen. Mir maachen eis also elo un d'Aarbecht fir iech bei der Rentrée och do kënnen Aktivitéiten zum Thema, "Liewen an Aarbecht op der Millen" unzebidden.

Umeldungen fir 2017-2018

Fir dëst Schouljoer ass de Planning färdeg a mir hunn fir d'éischt an der Geschicht vun der Naturschoul de Kap vun de 500 Klassen iwwerschratt.

Ab dem **15. Juli 2017** kënnt dir iech dann och erem fir dat nächst Schouljoër aschreiwen.

5. 30 Joer Naturschoul - save the date

De 26. Januar 2018 feiert d'Naturschoul 30. Anniversaire am Festsall zu Lasauvage a Präsenz vun de Ministeren Dieschbourg C. a Meisch C.
Dir kënnt iech den Datum schon notéieren. Invitatiounen komme bei der Rentrée.

Déi ganz Equipp vun der Naturschoul Lasauvage wënscht iech elo schon eng flott an erhuelsam Summervakanz